Gemeng Konsdref

Gemengebuet

4 / 2014

10. Januar 2015
Grouss Porte-Ouverte an der neier Maison Relais

9. Approbation d'un règlement temporaire de la circulation à Breidweiler

Le conseil communal confirme le règlement temporaire de la circulation émis par le collège des bourgmestre et échevins en date du 9 octobre 2014, concernant l'interdiction de circulation pendant la durée des travaux d'infrastructures dans la rue du Village à Breidweiler, et ce à partir du 13 octobre 2014.

10. Approbation d'une convention

Le conseil communal approuve une convention, signée entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Consdorf et Monsieur Robert Federspiel de Berbourg, concernant la mise à disposition d'une partie de terrain, longeant la rue Hicht, inscrit au cadastre de la commune de Consdorf, section C de Breidweiler, n° cadastral 523/1234. Il est prévu d'y aménager provisoirement un arrêt de bus scolaire.

11. Approbation d'une convention

Le conseil communal approuve une convention, signée entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Consdorf et Madame Christiane Jeitz et son époux Paul Klopp d'Erpeldange, concernant la mise à disposition d'un terrain, longeant le parking près du hall des sports à Consdorf, inscrit au cadastre de la commune de Consdorf, section A de Consdorf-Ouest, n° cadastral 461/3055. Il est prévu d'y aménager provisoirement des emplacements de parkings supplémentaires au parking existant.

12. Approbation d'une convention

Le conseil communal approuve une convention, signée entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Consdorf et la CLT-UFA S.A. de Luxembourg et la Kachelmann GmbH de Cattel (CH), concernant la mise à disposition d'une partie de terrain près du centre "Kuerzwénkel", inscrit au cadastre de la commune de Consdorf-Est n° cadastral 99/3507. Il est prévu d'y installer une station météorologique.

13. Adhésion de la commune de Walferdange au SIGI

Le conseil communal approuve l'adhésion de la commune de Walferdange au syndicat intercommunal SIGI.

14. Concessions aux cimetières

Le conseil communal approuve 21 contrats de concessions aux cimetières de Consdorf, Breidweiler et Scheidgen, signés entre le collège des bourgmestre et échevins et les différents concessionnaires.

Die deutsche Fassung vom Bericht der Gemeinderatssitzung vom 16. Oktober 2014
wird im nächsten “Gemengebuet” nachgereicht.

Règlements communaux

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, la décision ci-dessous est portée à la connaissance du public :

Règlement de circulation

Par délibération du 16 octobre 2014, le conseil communal a arrêté un nouveau règlement communal de la circulation.

Ladite délibération a été approuvée par le Ministre de l'Intérieur en date du 17 novembre 2014, réf. 322/14/CR.

La publication de la décision a été faite au tableau d'affichage officiel de la commune du 27 novembre au 11 décembre 2014.

Ledit règlement communal peut être consulté via le site internet www.consdorf.lu, rubriques « Publications », « Règlements communaux ».

Bicherbus 2015
Wuer a wéini kënnt de Bicherbus

		Dënschdes
Gonnereng	08:35 - 09:50	**06. Januar**
Bur	10:30 - 11:30	**27. Januar**
Konsdref	13:30 - 14:00	**24. Februar**
Bech	14:20 - 14:35	**17. Mäerz**
Biwer	14:55 - 15:15	**21. Abrëll**
Fiels	15:45 - 16:15	**12. Mee**
		09. Juni
		30. Juni
		21. Juli
		22. September
		13. Oktober
		10. November
		01. Dezember

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHE DE LUXEMBOURG

Direction de la Santé
Villa Louvigny – allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Luxembourg, le 28 août 2014

Hôpitaux de Garde
1er semestre 2015

Région Centre :

A. pour la garde des jours de la semaine du lundi **05 janvier 15** au samedi **04 juillet 2015**

Lundi à mardi *	ZithaKlinik
Mardi à mercredi *	Hôpital Kirchberg
Mercredi à jeudi *	Centre Hospitalier de Luxembourg
Jeudi à vendredi *	Hôpital Kirchberg
Vendredi à samedi *	Centre Hospitalier de Luxembourg

(* de 07.00 heures le premier jour à 07.00 heures le lendemain)

B. pour la garde des fins de semaine (de samedi 07.00 h. à lundi 07.00 h.)
du **samedi 03 janvier 2015** jusqu'à la fin de semaine finissant le **lundi 6 juillet 2015**

- du 03 au 05 janvier	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 10 au 12 janvier	Hôpital Kirchberg
- du 17 au 19 janvier	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 24 au 26 janvier	ZithaKlinik
- du 31.01 au 2 février	Hôpital Kirchberg
- du 07 au 09 février	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 14 au 16 février	Hôpital Kirchberg
- du 21 au 23 février	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 28.02 au 02 mars	ZithaKlinik
- du 07 au 09 mars	Hôpital Kirchberg
- du 14 au 16 mars	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 21 au 23 mars	Hôpital Kirchberg
- du 28 au 30 mars	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 04 au 06 avril	ZithaKlinik
- du 11 au 13 avril	Hôpital Kirchberg
- du 18 au 20 avril	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 25 au 27 avril	Hôpital Kirchberg
- du 02 au 04 mai	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 09 au 11 mai	ZithaKlinik
- du 16 au 18 mai	Hôpital Kirchberg
- du 23 au 25 mai	ZithaKlinik
- du 30.05 au 01.06	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 06 au 08 juin	Hôpital Kirchberg
- du 13 au 15 juin	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 20 au 22 juin	Hôpital Kirchberg
- du 27 au 29 juin	Centre Hospitalier de Luxembourg
- du 04 au 06 juillet	Hôpital Kirchberg

Région Sud : Tous les jours , 24/24 h **Centre Hospitalier Emile Mayrisch - HVE**

Région Nord : Tous les jours , 24/24 h **Centre Hospitalier du Nord - Clinique St Louis**

Feierlech Kiermes zu Konsdref – 20. an 21. September 2014

(Text: Jemp Origer, Fotoen: Jeff Mirkes a Jemp Origer)

Fir d'zweete Kéier hannerenee gouf dëst Jar d'Konsdrefer Kiermes - gläichzäiteg och déi vum Scheedgen - mat engem groussen Duerffest am Zentrum vu Konsdref gefeiert, wou grousse Wäert op Traditioun, Kommunikatioun an Integratioun geluecht gouf. Den Optakt um Virowend huet eng feierlech Kiermesmass an der Parkierch gemaach.

Duerno huet d'portugisesch Communautéit op e flotten Owend mat portugisesche kulinaresche Spezialitéiten an de Centre Polyvalent Kuerzwénkel invitéiert. Hei gouf an deem mat enger Multikulti-Gesellschaft gutt gefëllte Sall bis spéit an d'Nuecht bäi südlännescher Musek vum Duo Carlos Mecha-Alvaro an dem brasilianesch-portugisesche Star-Sänger Marco gefeiert.

Um Kiermessonndeg Moien huet dunn de Schäffen- a Gemengerot a Präsenz vun de Presidenten an de Comitésmembere vun de Veräiner, dem Gemengepersonal an enger Rëtsch „Frühaufsteher" d'Duerffest offiziell opgemaach. Ënner de Kläng vum Hämmelsmarsch, gespillt vun der Konsdrefer Musek, gouf eng éischt Ronn tëschent deene sëlleche Stänn vu Konschthandwierk a regionale Produkter gedréint. Och d'Veräiner aus der Gemeng haten hir Virbereedunge souwäit ofgeschloss an di éischt Dëft hunn d'Nuese gekëddelt an den Appetit wakereg gerëselt.

Éier eppes Festes hanner d'Knäpp sollt kommen, housch et awer mol eng Kiermesdrëpp ze verdrécken. Och d'Kippche Schampes duerft net feelen. Gromperekichelcher, Kniddelen, Kochelen, Rëppestécker a Wurschte vum Grill no Lëtzebuerger a Portugisescher Aart: d'Auswiel gouf alle Wënsch gerecht. Och fir d'Schnékemailer war gesuergt mat Eisekuchen, Paangech a Bamkuch. E Cadeau oder en Dekoratiounsobjet gefälleg? Braceleten, Poschen, Kapen, Keramikartikelen, Naturproduiten, Holzskulpturen, Tableauen, - fir nëmmen déi ze nennen - et war sécher net sou liicht sech fir eppes z'entscheeden.

Och un Animatioun huet et net gefeelt. De Konsdrefer Kanner- a Jugendchouer, den Trio TUTTI COLORI an hir Sängerin, den Tenor Marco di Reckino, d'Pipes and Drums mat hirer eegenaarteger Duddelsakmusek: Si all hu fir eng wonnerbar Kiermesstëmmung gesuergt. Op dem Péitruss seng puer naass Intermezzoen aus den däischtere Wiederwolleken hätt een natierlech gäre verzicht. En absolute Magnéit fir di Kleng war d'leselreiden an de Facepainting. D'Jugend konnt hir Standfestegkeet beim Rodeo beweisen an hir Muskele beim „Hau den Lukas" sou richteg spille loossen. Impressionant a léierräich waren di opgestoppte Bëschdéieren an den Naturquiz, wou de Fläiss mat engem richtegen Uebstbam belount gouf. D'Equipe „Bouschéisse vum Päerd" huet eemol méi hir Geschécklechkeet ënner Bewäis gestallt an dem interesséierte Publikum d'Méiglechkeet gebueden, éischt Schrëtt an där Disziplin ze woen.

Brout baken, Branntewäi brennen, Klenggäertnermaschinnen an elektresch Apparater ënner d'Loupe huelen an dat immens technescht Pompjeesmaterial bestaunen, ware weider spannend Aktivitéiten, déi een sech op dësem „Dag vun der landeswäiter Porte ouverte" dank enger flotter Navette mat Bus, Teimer a moderniséierter Postkutsch net huet misse laanscht d'Nues goe loossen.

Och wann dat Konsdrefer Duerffest nach an de Kannerschong stécht, wäert et sech, ënner der gemeinsamer Féierung vu Gemeng, Syndicat d'Initiative an Integratiounskommissioun, lues a lues zu engem feste Bestanddeel vu Lëtzebuerger a multikultureller Traditioun an der Gemeng an doriwwer eraus mauseren.

Jubiläumsausgabe des Mëllerdaller Reesbengel in Consdorf 4. Oktober 2014

(Text a Fotoen: Jemp Origer)

Die Organisation der 25. Ausgabe des Mëllerdaller Reesbengel am vergangenen 4. Oktober lag in den Händen des SIT Consdorf und stand unter der Schirmherrschaft der Gemeinde sowie des ORT-Mullerthal. Die etwa acht Kilometer lange, abwechslungsreiche Wanderung verlief vorwiegend über den Naturlehrpfad „Joffer Margot“ und vermittelte den interessierten Wanderern Auskunft über die schützenswerte Artenvielfalt der Fauna und Flora auf dem Gebiet der Consdorfer Gemeinde.

Im Centre Polyvalent Kuerzwénkel hieß Bürgermeister André Poorters alle Wanderer und Ehrengäste willkommen und kredenzte seitens der Gemeinde einen edlen Luxemburger Crémant bevor er die gesamte Gesellschaft zu Tische bat.

Im Anschluss an das Mittagessen leitete der diensttuende Präsident der „Entente des Syndicats“, Charles Bingen aus Berdorf, die Zeremonie der Verleihung des diesjährigen Mëllerdaller Reesbengel, im Beisein der inzwischen eingetroffenen Staatssekretärin Francine Closener, ein. Ein Rückblick auf die Tätigkeiten der Entente – Vermarktung des Tourismus' der Region Müllerthal / Kleine Luxemburger Schweiz im In- wie im Ausland; Erhaltung und Promovierung des Natur- und Kulturerbes; Pflege der Wanderwege; Durchführung des Mëllerdaller Reesbengel u. v. m. – sowie ein Blick in die Zukunft, wo die Auflösung der Entente beschlossene Sache ist und die Tourismusvereine der Region mit je einem Vertreter im professionell geführten ORT-Müllerthal vertreten sein werden. Anschließend hielt Jean-Paul Mirkes, Präsident des Consdorfer Syndicat d'Initiative, die Laudatio auf den erkorenen Laureaten des diesjährigen Mëllerdaller Reesbengel. Diese begehrte Trophäe, in Form eines in der Natur der Region Müllerthal gewachsenen Wanderstabes, ist solchen Persönlichkeiten beschieden, die sich auf besondere Art und Weise im lokalen, regionalen oder gar grenzüberschreitenden Tourismus verdient gemacht haben. In der Person von Alfred genannt Fred Schaaf, wohnhaft in Scheidgen, wurde in diesem Jahr einem Bürger aus der Gemeinde Consdorf diese Ehre zuteil. Fred Schaaf war in den Anfangsjahren des Consdorfer Tourismusvereins Vorstandsmitglied desselben und Mitbegründer der Entente des Syndicats. Er war demnach von Anfang an ein ferventer Verfechter der Idee, dass nur ein auf breiter Basis aufgestellter Tourismus Aussicht auf

Erfolg habe. Seit mehreren Jahren hat sich Fred Schaaf durch seine historischen Recherchen und Publikationen über geschichtsträchtige Orte und Begebenheiten in seiner Gemeinde und in der Region einen Namen gemacht. In enger Zusammenarbeit mit dem Besitzer einer reichhaltigen Sammlung an alten Postkarten, Armand Reuland, unter der Schirmherrschaft der Gemeinde und der Mithilfe von Förster Théo Moulin, hat Fred Schaaf die Aufstellung von informativen Hinweistafeln über die frühere Schmalspurbahn Charly, die Echternach mit der Stadt Luxemburg verband, am Consdorfer

Bahnhofgelände, am Hotel de la Station in Scheidgen und an der Haltestelle Kalkesbach, initiiert. Auch die Einrichtung des Halifax-Square, Gedenkstätte an der Absturzstelle der Halifax der Royal Airforce im Marscherwald, geht auf seine Initiative zurück. Genaue Beschreibungen der Wanderwege der hiesigen sowie der Nachbargemeinden, teilweise noch unter Zusammenarbeit mit dem verstorbenen Tourismus-Pionier Edmond Steyer, stehen bei ihm zu Buche. Die meisten Publikationen sind nachzulesen bei mywort.lu, bei eurinfo.net und campconsdorf.lu, der Internetseite des SIT Consdorf. Auch die geschichtlichen Beiträge im Consdorfer Gemengebuet erfreuen sich großer Beliebtheit bei den Lesern, wusste der Lobesredner zu berichten, der daraufhin den Laureaten bat hervorzutreten, um aus den Händen von Staatssekretärin Francine Closener den Mëllerdaller Reesbengel 2014 in Empfang zu nehmen.

Sichtlich gerührt von der ihm zuteil gewordenen Ehre, ergriff der Laureat dann selbst das Wort. Er bedankte sich herzlichst bei allen Beteiligten, die gerade ihn, zu seiner großen Verwunderung, für diese unerwartete Auszeichnung auserkoren hätten. Auch betonte er, dass er nicht gedenke, sich nun auf seinen Lorbeeren auszuruhen. Im Gegenteil, er hoffe noch eine Reihe von Jahren sein Wissen und Können in den Dienst des Tourismus' stellen zu können.

Bei ihrer Ansprache betonte Staatssekretärin Francine Closener, dass eine professionelle Aufstellung der Vermarktung des Tourismus' besonders im Bereich des Internets unbedingt erfordert sei. Die Anstrengungen in diese Richtung seitens der Tourismusträger – ONT, ORT, Tourismusministerium – seien dahingehend orientiert und erste Erfolge deutlich greifbar. So habe z. Bsp. gerade die Region Müllerthal in den vergangenen Jahren einen deutlichen Aufschwung im Tourismus zu verzeichnen. Mitverantwortlich dafür sei die professionelle Vermarktung des Müllerthal Trail, der fortan mit dem Label "Leading Quality Trails – Best of Europe" für Furore unter den Wanderern sorge. Nichtsdestotrotz komme auch in Zukunft die Tourismusbranche nicht ohne ehrenamtliche und begeisterte Mitarbeiter wie Fred Schaaf aus.

Photoshooting und angeregter Gedankenaustausch zwischen allen geladenen Gästen beschlossen diese denkwürdige Feierstunde.

Journée Commémorative – 11. Oktober 2014

(Text a Fotoen: Jemp Origer)

„Wann een eleng en Dram huet, bleift et en Dram. Wann awer vill Mënschen zu gläicher Zäit deeselwechten Dram hunn, kann e Wierklechkeet ginn.“ Mat dëse Wierder huet de Paschtouer Carlo Morbach seng Priedegt vun der kierchlecher Zeremonie zu der Journée Commémorative ofgeschloss. En Text vum Jesaja vu viru méi wéi 2.000 Jar, deen d’Visioun vun enger besserer Welt erëmspigelt, hätt och haut nach seng Gëltegkeet. Ëmmer erëm léiss de Mënsch sech zu Haass, Näid, Gewalt, Ënnerdréckung a Verfolgung wéint Rass, Hautfaarw, Natioun oder Relioun verleeden. Mir sollten duerfir op dësem Dag all deene mat grousser Dankbarkeet gedenken, déi duerch den Asaz vun hirem Liewe géint dat Béist viru 70 Jar derzou bäigedroen hunn, datt mir haut a Fridde liewe kënnen.

Beim weltlechen Akt virum Denkmol un d’Affer vum Krich, wou de Schäfferot Blummen néiergeluecht huet, huet de Buergermeeschter André Poorters drun erënnert, wéi wichteg et war, datt 1941 di grouss Majoritéit vun de Lëtzebuerger bäi der vun den Nazi-Däitsche geplangter Zougehéieregkeetsëmfo fir en dräifachen NEEN agetrueden ass. Op dësem traditionellen Nationalen Erënnerungsdag giffe mir eis mat déifstem Respekt virun hinne vernäipen; all deenen, déi vehement fir hir Heemecht agetruede sënn an doduerch Schreckleches hu missen erdroen a suguer mat hirem Liewe bezuelen, wiere mir zu éiwegem Dank verflicht.

Fir d’Erënnerung un all Affer vun deem schreckleche Krich waach ze halen, wäert sech d’Konsdrefer Gemeng op lokalem a regionalem Plang un enger Ausstellung 2015 zu lechternach bedeelegen. Fir de Konsdrefer Bäitrag suergen ënner anerem de Lokalhistoriker Fred Schaaf an de Fotosammler Armand Reuland. Eng separat Ausstellung mat deem Material, dat eis Gemeng betrëfft, ass an diem Zesummenhank hei zu Konsdref geplangt.

E waarme Merci huet de Buergermeeschter un all Leit, besonnesch awer un d’Veräiner, geriicht fir hir Präsenz an hir Matgestaltung bei dëser sou wichteger Feier.

Ausfluch mat de Senioren an d'Schwäiz

(Text a Fotoen: Malou Poos-Steichen)

D'Rees vun de Senioren aus der Gemeng ass dëst Joer an d'Zentralschwäiz gaangen. Si hu 4 flotter Deeg bei herrlechem Wieder zu Weggis um Vierwaldstättersee, zu Luzern an Zürich verbruecht.

Cabaret Batter Séiss - 14. November 2014

(Text a Fotoen: Malou Poos-Steichen)

Op d'Invitatioun vun der Kulturkommissioun an an Zesummenaarbecht mat der Konsdrefer Musek huet de Cabaret Batter Séiss hire Programm " Laache mir?" mat vill Erfolleg virun engem gutt gefëllte Sall an engem begeeschterte Publikum gespillt.

Dag vum Bam – 15. November 2014

(Text a Fotoen: Jemp Origer)

Sabbelegt Hierschtwieder, wéi et sech fir dës Jareszäit passt, awer frou Gesiichter op dësem Novembermoien um Parking vum Centre Kuerzwénkel! Wéi all Jar hat de Konsdrefer Schäfferot um „Dag vum Bam“ all stolz Eltere mat hirem Nowuess aus dem Jar 2013 heihin invitéiert. E Bam, d'Symbol vum Liewen, soll di kleng Butzen an hirer Entwécklung begleeden a mat hinnen eropwuessen, sou de Buergermeeschter André Poorters a senger Begréissung. Duerno gouf an d'Hänn gespaut an et gong un d'Aarbecht. D'Mammen, d'Pappen, hir Klengst, de Buergermeeschter an d'Schäffen, Memberen aus dem Gemengerot, der Ëmweltkommissioun, der Natur-a Vulleschutzsektioun Mëllerdall mat hirem President hunn ënner der Leedung vum Feeschter Théo Moulin kräfteg mat Hand ugeluecht. Et gouf gekappt, geschëppt, ugetrëppelt, geklappt, gekeimt a gelaacht. An Amen-a-Jo stongen se fest am Buedem verankert: zwéi riicht gewuessen Äppelbeem, e Renetten an en Triumph, deen ee symbolesch fir d'Meedercher, deen anere fir d'Jongen. Gespaant däerf ee lo drop waarden, wéi engem Meedchen oder Jong Jargank 2013 et gegënnt wäert sënn, deen éischten Apel vu „sengem“ Bam ze plécken. Apropos „säi“ Bam. All Kand Jargank 2013 aus der Konsdrefer Gemeng kritt vun der Gemeng, géint Bestellung, en Äppelbam offréiert fir e bäi sech am eegene Gaart ze planzen. Avis aux amateurs! Wéi et sech no sou enger Ustrengung gehéiert, gouf d'Wierk nach begoss, net d'Beem, mä di duuschtereg Strass vun alle Bedeelegten, mat engem vun der Gemeng spendéierte Patt. De Schlusspunkt huet e flotte Geste vun der Natur- a Vulleschutzsektioun gesat: Di fënnef Familljen, déi mat hire Klengen un dëser luewenswäerter Aktioun bedeelegt waren, kruten en 3-Liter-Container Äppelviz Cru 2014 als Virgeschmaach op dat, wat si spéider och aus „hiren“ Äppel kënne maachen.

Aufbau des zukünftigen Naturparks Mëllerdall in der Schlussphase

(Text a Fotoen: Naturpark Mëllerdall)

Präsentation des fertigen Naturpark-Projektes

In drei Informationsveranstaltungen wurde das Naturpark-Projekt, die so genannte Etude Détaillée, in Präsenz von Frau Ministerin Carole Dieschbourg der Bevölkerung vorgestellt. Die erste Versammlung fand am 4. November 2014 in Echternach statt, gefolgt von der Versammlung auf der Heringer Mühle am 11. November und der in Heffingen am 13. November.

Darüber hinaus erhielten alle Haushalte der Naturpark-Region eine Zusammenfassung der Etude Détailée mit den wichtigsten Informationen. Das ganze Projekt kann auf der Internetseite www.naturpark-mellerdall.lu eingesehen und heruntergeladen werden.

In der Aufbauphase des Naturparks haben sich die Gemeinden im „Syndicat pour la préparation d'un parc naturel dans la région du Mullerthal" (Syndicat Mullerthal) zusammengeschlossen. Bis zum 5. Januar 2015 stimmen die 13 Gemeinden dieses Syndikates in ihren jeweiligen Gemeinderäten ab, ob sie dem Naturpark Mëllerdall angehören möchten.

Naturpark-Kalender 2016 - Fotowettbewerb

Jedes Jahr organisieren die luxemburgischen Naturparke einen Fotowettbewerb, aus dem die besten Fotos für den jährlichen Naturpark-Kalender von einer Jury ausgewählt werden.

Das Thema des Fotowettbewerbs für den Naturpark-Kalender 2016 steht jetzt fest: es lautet „Liewen am Naturpark – Leben im Naturpark".
Weitere Informationen in Kürze auf www.naturpark-mellerdall.lu oder unter der Telefonnummer +352 26 87 82 91.

Kontakt:

Syndicat Mullerthal
8, rue de l'Auberge
L-6315 Beaufort
Tél.: +352 26 87 82 91
E-Mail: info@naturpark-mellerdall.lu
www.naturpark-mellerdall.lu
Besuchen Sie uns auch auf Facebook!

Déi nei Maison Relais – Vum Grondstee bis haut

(Fotoen: Jemp Origer a Gemeng Konsdref)



Grouss Porte-Ouverte den 10. Januar 2015

vun 14h00 – 17h00 an der neier Maison Relais

Formatioun vun de Busbegleeder – 23. September 2014

(Text a Fotoen: Léierpersonal vun der Konsdrefer Schoul)

Och am neie Schouljoer ass erëm eng Formatioun fir d'Busbegleeder 2014-2015 ofgehale ginn.

Den Dënschdeg, den 23. September, huet d'Police Grand-Ducale an Zesummenaarbecht mat der Konsdrefer Elterevereenegung an dem Léierpersonal 8 nei Busbegleeder ausgebilt.

Well de Schoultransport dëst Joer nei geregelt misst ginn, waren och déi nei Buschauffeuren, de Pit Nussbaum an d'Chantal Boubert-Donatelli, dee ganze Moie mat derbäi, fir d'Kanner besser kennen ze léieren a mat hinnen ze trainéieren.

Déi nei Busbegleeder hunn sech mat hiren Ausbilder am Veräinshaus um Scheedgen getraff fir ze léieren, wéi ee frëndlech a bestëmmt Konflikter léist an am Bus fir Sécherheet suergt.

D'Formateure Laurent Goedert a Christophe Meyer hunn d'Kanner och a Spiller engagéiert, déi hiren Teamgeescht gefördert hunn: e Busbegleeder ass nämlech net nëmmen een eenzegt Kand, mee een Deel vun engem Team, dat zesummenhält a sech géigesäiteg hëlleft.

Déi lescht 2 Stonne vun der Formatioun sinn dunn déi 7 „al" Busbegleeder um Scheedgen fir hiren Opfrëschungscours ukomm.

Zesummen hunn déi 15 Schüler mat den Erwuessene verschidde schwiereg Situatiounen nogestallt, déi vun de Kanner geléist gi sinn.

De 25. September hunn d'Schoulbusbegleeder sech mat hiren Elteren, dem Buergermeeschter an den Erwuessenen, déi un der Formatioun deelgeholl hunn, um Scheedgen fir déi feierlech Diplomiwwerreechung getraff.

Mir gi Viz maachen an schmaachen
Cycle 1.1. – 1.2. (an all di aner och)

(Text a Fotoen: Léierpersonal vun der Konsdrefer Schoul)

Kanner- a Jugendchouer
Consdorf
Chrëschtconcert 2014
Sonndes, den
21. Dezember
um 20h
zu Consdorf
an der
Kierch
Al an nei
Chrëschtlidder
mam
Kanner- a
Jugendchouer
Consdorf
Claude Keiser,
Directioun

Jugendchouer Consdorf

Catherine oder Ketty's Life

Eng musikalesch Liewensgeschicht

Geschicht an Text: Françoise Hetto
Museksarrangementer: Claude Keiser

Wollt Dir schon emer mol gär déi grouss **Hits aus der Rock-a Popmusek** op der Bühn matsangen?
Da profitéiert elo vun der Gelegenheet fir beim Musical-Projet "Catherine oder Ketty's Life" **am Chouer** matzeman.
Eng géckeg Liewensgeschicht erzielt duerch grouss Hits aus engem Jorhonnert Museksgeschicht opgefouert mat Schauspiller, Solisten, Chouer a Museksband.

E gemeinsame Projet vum
Jugendchouer Consdorf (Direktioun: Claude Keiser),
de **Lënster Ourewiirm** (Direktioun: Françoise Hetto),
den **Zéissenger Theaterfrënn (Batter Séiss)** (Regie: Rob Wagner)

Als **Chouersänger** matma kënnen
Dammen an Hären (Mindestalter 12 Joer)
mat Chouererfahrung.
D'**Opféierunge** sinn
de **25. a 26. Abrëll 2015**
zu Jonglënster (Hall Gaston Stein).

Prouweplang:

Samschdeg	17.01.15	14.00 - 17.00	Consdorf
Meendeg	02.02.15	19.00 - 22.00	Jonglënster
Samschdeg	28.02.15	14.00 - 17.00	Consdorf
Meendeg	09.03.15	19.00 - 22.00	Jonglënster
Freideg	20.03.15	18.00 - 21.00	Consdorf
Freideg	27.03.15	18.00 - 21.00	Consdorf
Meendeg	30.03.15	19.00 - 22.00	Jonglënster mat Solisten/Band
Freideg	03.04.15	18.00 - 21.00	Consdorf
Meendeg	20.04.15	19.00 -	Jonglënster mat Solisten
Freideg	24.04.15	19.00 -	Generalprouf Hall Gaston Stein

(bei Bedarf eventuell e Proufdag an der Ouschtervakanz)

Zousätzlech besteet d'Méiglechkeet fir an déi regulär Prouf vun engem vun deenen 2 Chéier ze gon (ausser Schoulvakanz):

Meendes 19.30 - 20.45 zu Jonglënster am Pompjeesbau (Dammestëmmen; ab November)
Freides 17.45 - 19.15 zu Consdorf am Veräinsbau vis-à-vis vun der Post mat Männerstëmm (ab 9.1.15 an ausser 16.01.15 a 27.02.15)

Fir all weider **Informatiounen a fir d'Umelldung** fir dese Projet:
Claude Keiser: Tel: 799 550; mail: claudekeiser@me.com (Umelldungsformulaire op: www.kajuco.lu) oder Françoise Hetto: mail: fhetto@chd.lu